2024/25 : COURS À OPTION – CLASSES DE 2E/1ERE

Titre : **Fit for studies, work and life**

Titulaire du cours :	Sven Bour
Classes :	2èmes + 1ères
Jours et horaires :	Vendredi de 12h25 à 14h20
Salle :	Salle informatique
Nombre maximal d'élèves :	18

Finalités et objectifs de l'option

D'Zil vun dësem Cours ass et iech Schüler deen néidege Background matzeginn fir déi Erausfuerderungen déi no der Première ustinn, besser ze meeschteren. Dat heescht, et geet haaptsächlech drëms praktesch Informatiounen a Kompetenzen ze vermëttele wat d'Studien, de Beruff an d'Liewen ugeet.

Programme

Wéi den Numm vun der Formatioun et schonns verréit, baut de Cours op 3 Elementer op:

Déi éischt Partie vum Cours ziilt drop of, iech eng Hëllefstellung ze ginn, wat är zukünfteg Studien ugeet. Zum Beispill : U wat muss ech alles denken ier ech studéiere ginn, wat fir eng administrativ Demarchë muss ech maachen, wéi gesäit et mat finanzieller Hëllef aus, wéi leeën ech mech am Beschten u fir eng Wunneng ze fannen, wou fannen ech déi néideg Informatiounen, respektiv u wie kann ech mech wenne wann ech Hëllef brauch?

Deen zweete Volet vum Cours huet zum Zil iech beschtméiglech op déi berufflech Zukunft ze preparéieren. Zum Beispill : Wéi schreiwen ech een CV, respektiv eng Lettre de motivation, wat muss ech bei engem Virstellungsgespréich beuechten, wat si meng Rechter als Ugestallten, wéi setzt sech mäi Salaire zesummen, asw. ?

Dee leschten Deel vum Cours ass geduecht fir iech eng Partie nëtzlech Informatiounen a Kompetenze mat op de Wee ze gi fir sech besser am Liewen erëm ze fannen. Zum Beispill : Wéi kréien ech mech besser organiséiert, wéi geréieren ech meng Suen, op wat muss ech oppasse wann ech Sue léinen, firwat ass et wichteg ze wësse wéi eng Steiererklärung funktionéiert, wat si meng Rechter als Konsument, wat fir Assurancë si sënnvoll, asw. ?

Méthodologie, déroulement

De Cours soll sech net ze vill an theoreteschen Detailer verléieren, mee dee praktesche Notzen soll am Vierdergrond stoen. Duerfir wäert Wäert drop geluecht ginn iech aktiv mat anzebannen an de Cours un är spezifesch Froen an Interessen unzepassen. Mat Hëllef vun dëser Optioun soll där och léiere wéi där am Beschten uleet fir selbstänneg Informatiounen nozesichen an un är perséinlech Situatioun a Besoinen ze applizéieren. D'Bewäertung vum Optiounscours wäert sech deementspriechend op déi hei driwwer genannten Aspekter bezéien an net op eng klassesch Prüfung.

Public cible

All déi 2ème a 1ère Schüler, déi sech beschtméiglech op hir perséinlech Zukunft virbereede wëllen, respektiv déi Schüler, déi op Première manner gestresst wëlle si mat der Preparatioun vun hire Studien an sech esou méi op hier Exame konzentréiere kënnen.

Equipement requis

/